



Rapport Referees' Commission - 11.02.2020

Uwiesend : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Frieden, Nesser, Simonelli, Pascalicchio, Weber via facetime

Entschëllegt: Courtois

1) ***Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 07.01.2020***

Hei steet nach d' Fro op, zu wéi engem Club-Kontingent een auslänneschen Arbitter zielt, den hei am Land päift. D'Refcom freet den Avis vum CA.

2) ***Livestream***

D'Refcom ass net frou iwwert verschidde Kommentaren déi während dem Livestream géint d'Arbitter gerichtet sinn. Esou Kommentare sollen neutral gehalten, a net perséinlech sinn, och wann een net mat der Decisioun vun den Arbitter d'Accord ass.

3) ***WHV:***

Den 1. Deel vum Austausch mam Wiener Handball Verband ass gutt gelaf. D'Lena Hofmarcher an d'Dragane Ugarkovic waren de Weekend vum 8. an 9. Februar zu Lëtzebuerg. Sie hunn 3 Matcher mat enger gudder Leeschtung geleet.

De Weekend vum 27.-29.03.2020 geet eng Koppel Lëtzebuerger Arbitter dann op Wien.

4) ***Bréif HB Mersch 75:***

De Patrick Simonelli huet dem HB Mersch 75 ob hire Bréif geäntwert, an hinnen d'Stellungnam vun der Refcom zum Match HPN Mersch-Bartreng matgedeelt.

5) ***Test Arbitter Playoff.***

De Laf- a Reegelttest fir d'Playoffs sinn allgemeng gutt verlaf. Déi puer kleng Baustellen - haaptsächlech am Nowuess - sinn diskutéiert ginn.

Vun den 3 Arbitre-inférieur déi e Noexamen haten, huet sech 1 presentéiert an huet seng Saach des Kéier gutt gemaach.

6) ***FLH-Final 4:***

Den Kay Holm kënnt eis Arbitter während dem FLH Final 4 ënnerstëtzen, ënner anerem als Beobachter während den Halleffinalen a Finalen. Folgend Cours ginn dann nach vun him gehalten

Donneschdes den 27.02 16h00-17h00 Cours fir Delegués

Freides den 28.02 - 19h00-21h00 Cours fir Arbitter

Samschdes den 29.02 09h00-12h00 Cours fir Arbitter

All Arbitter ass fir d'Cours vun Freides a Samschdes agelueden. De Cours vu Freides ass obligatoresch fir déi Arbitter déi eng Halleffinall oder eng Final an der Loterie Nationale Coupe de Luxembourg päifen

7) ***Vestiaire Hall zu Bouneweeg:***

Nach ëmmer ass et onméiglech zu Bouneweeg eng adequat Kabinn fir d'Arbitter ze kréien. D'Refcom freet den CA beim Service des Sports vun der Gemeng Lëtzebuerg nozehaken. Eng uerdentlech Preparatioun virum Match, een Halbzeit- oder e Nogespréich an der Kabinn sinn am Moment onméiglech



8) **Rechnungen Arbitter:**

Refcom proposéiert d'Systemer vum leschte Joer bäizehalen:

FLH Final 4 - d'Arbitter gin op der Platz bezuelt

Playoff montée Hären - d'Arbitter schécken eng Rechnung un fact.arbitres@flh.lu

Playoff montée Damen - d'Arbitter gin op der Platz bezuelt

9) **Austausch Kuba:**

Eng IHF Arbitterkoppel aus Kuba soll Experienz an Europa kréien. De Patrick Simonelli ass a Kontakt mat dem kubanesche Verband, fir hinnen villäicht d'Méiglechkeet ze gin, déi Experienz zu Lëtzebuerg ze maachen.

10) **Formation Arbitter:**

Nieft der Formatioun während dem FLH Final 4, organiséiert d'Refcom nach ee Cours fir all Arbitter den 28.03.2020 vun 09h00 - 12h00 an der Maison des Sports zu Stroossen

Déi alljährlech Formatioun ass de Weekend vum 29. an 30. August 2020 ënnert der Leedung vun engem EHF oder IHF Lecteur. D'Organisatioun läit an den Hänn vum Patrick Simonelli

11) **Problem Bäll:**

An der lescht sinn nees Diskussiounen iwwert d'Gréisst vun de Bäll opkomm. D'Refcom wëll all Bedeelegt nach eng Kéier informéieren, dass e Bäll ënnerwee sinn, déi leider, trotz Stempel, keng reegelkonform Gréissten hunn, ausser déi Bäll si voll opgepompelt. D'Refcom freet déi verschidde Parteien, sech awer ouni vill Diskussiounen eens ze ginn, a bei de Matcher eng sportlech Léisung ze fannen.

Als lescht Instanz ass et den Arbitter den decidéiert mat wéi engem Ball gespillt gëtt.

Reegel 17:3:

Die Schiedsrichter sind verantwortlich für das Prüfen der Spielfläche, der Tore und der Bälle vor Spielbeginn. Sie bestimmen, welche Bälle zum Einsatz kommen (Regel 1 und 3:1).

Nächst Refcom : Dënschden den 24. Mäerz 2020 um 18h15 zu Stroossen